

Rapport N°5 vum 27. September 2021 vun der CCSport

Presenzen

Present	Net present
Pier, Mich, Anny, Miguel, Manou, Marcel, Patrick, Nicole, Joske, Joé	Pit(excusé)

Punkt 1: Usprouch

D'Nicole begréisst all d'Membere vun der CCSport déi present sinn.

Punkt 2: Invité an eiser Versammlung ass de Rickal Jim, President vun der Jugendkommissioun vum FC US Béiwen/Atert

Den Här Rickal kritt direkt d'Wuert vun der Presidentin.

Hien erklärt de Grond vu sengem Besuch an der Kommissioun. D'Gemeng huet laut him refuséiert, dem US Béiwen/Atert ee Wasserspender z'installéieren (den Uschloss ze maachen). Si (US Béiwen/Atert) hätten souguer proposéiert den Apparat selwer ze bezuelen an z'ënnerhalen. Sie als Veräin(US Béiwen/Atert) bedauern dës Entscheidung.

Firwat d'Gemeng hinnen dëse Wasserspender refuséiert huet, weess CCSport net. En plus, wëll CCSport sech net an Entscheidungen vun der Gemeng mëschen.

CCSport fënnt d'Grondidee vu sou engem Wasserspender trotzdem net schlecht, vu datt ouni groussen Opwand vill Plastik gespuert ka ginn.

De Kaufmann Fränz(US Béiwen/Atert) ass och nach an d'Versammlung komm. Hien war net ugemellt.

Nodeem sie hiert Uleies virgdroen hunn, hunn sie eis Versammlung verlooss. Dat just als kléng Randbemierkung!

An der Spéngel hänkt een Avis vun der CCSport, deen mir un den Schäfferot adresséieren.

Punkt 3: Unhuele vum leschte Sätzungsbericht (28.06.2021)

De leschte Bericht gëtt unanim ugeholl.

Wat de nächste Sätzungsbericht ugeet, schéckt de Sekretär dësen, spéitsdens den 12. Dag no der leschter Versammlung un d'Memberen, déi dann 2 Deeg Zäit hunn fir hier Reflexiounen, respektiv hier Remarquen un de Sekretär weider ze ginn. Duerno gëtt den definitiven Sätzungsbericht direkt un de Jeff Scheidweiler an un d'Tanja Asselborn weidergeleet, déi dësen och direkt kënnen veröffentlechen, respektiv op de Site setzen.

Punkt 4: Sportleréierung 2021 * Charel Grethen, Olympia Tokyo 2020, 1500 Meter, Final (12t Plaz)

CCSport fënnt datt d'Aweigung vun der neier Sportshal een optimal Kader wier, fir de Charel Grethen gebührend fir seng formidabel Leeschtung ze honoréieren. Dofir freet CCSport d'Gemengeresponsabel ob mir eis als CCSport doriwwer Gedanke solle maachen, wéi dës Feier kéint ausgesinn. (Sportshal & Schéissstand & Charel Grethen & Kanner LASEP & Musik & Budget asw.)

Am Fall wou d'Responsabel vun der Gemeng eis gréng Luucht géife ginn, misste mir eis Zäitno mat hinnen zesummesetzen fir den Oflaf ze beschwätzen.

Mir müssen och mam Charel Grethen a Kontakt trieden fir mat him iwwert seng Disponibilitéit an der nächster Zäit ze kucken/schwätzen.

Punkt 5: MISPO-Plan de relance 2.0

All Veräin krut dësen Depliant, also misst dëse Projet bekannt sinn.

Punkt 6: Piste de pétanque-suivi

Wat d'Piste Pétanque ugeet, huet de Joske eis d'Informatioun ginn, datt de Chalet(Iwwerdaach) an den nächsten Deeg soll fäerdeg operiicht ginn. D'Kommissioun ass der Meenung, datt dëst och soll am nächste Gemengebuert publiziert ginn fir dës Plaz ee besser ze promovéieren.

Punkt 7: Datum fir di nächst Versammlung

De 25. Oktober 2021 em 20 Auer zu Bruch an der Koll.

Punkt 8: Verschiddenes

- Wat d'Foto fir CCSport ugeet, këmmert sech de Joske drëms.
- Mir hunn schon a verschidde Berichter vermierkt, datt mir als CCSport 2-3 Stonnen, samschdes Moies an der neier Hal wëllen. Kann d'Gemeng eis eng Confirmatioun ginn, datt mir ee puer Stonnen kréien, respektiv op mir ageplangt sinn?

CCSport präziséiert, datt mir dës Stonnen bräichten/wëllen fir Turnen/Sportsaktivitéiten unzebidden an dat fir

Kanner am Alter vun 1-6 Joer, natiirlech mat geschulten Moniteuren. Een Deel vun den Onkäschten (Moniteur,

Assurance asw.) sollen duerch eng Cotisatioun gedeckt gin.

- Dann huet d'Anny nach ee puer Froen:

- 1) Wien këmmert sech em deen ganze Planning vun der Sportshal?
- 2) Wien vergëtt do déi verschidden Plagen un d'Veräiner?
- 3) Dat muss jo iwwert e ganz Joër geplangt gin.

- D'Anny bedauert och nach, datt CCSport op der Randonnée du Centre net fäerdegruecht huet, de Ravi zu Béiwen mat e puer Memberen vun der CCSport ze garantéieren!

Mat sportlechen Gréiss

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport